




Coupe Patrick Riehl



Alt erëm ass ee Joer vergaangen ouni eise Frënn de Patrick mee mir hunn Hien awer net vergiess an och dëst Joer Him zum Gedenken eist Frëndschaftsfëschchen ausgedroen dat mir den 29. Mäerz 2014 eng éischte Kéier zu Lamadelaine op de Weieren ausgedroen haten an zanter hir all Joers op een Neist an eistem Programm fir d'Joer virgesinn hunn. Natierlech ewéi kéint et och aneschtens sinn, hat de Patrick eis och dëst Joer dat schéinste Fréijoers Wieder geschéckt esou ewéi dat ëmmer an der Vergaangenheet de Fall war wa mir eist Frëndschaftsfëschchen ausgedroen hunn.

Gutt gelaunt haten sech Moies eis Fëscher beim Yannik fir d'Aschreiwen getraff an hunn nom éischte Kaffi déi obligatoresch Auslousung vun de Plazen ausgeloust. Des Kéier waren et nëmmen aacht Fëscher déi ugetruede waren an duerfir konnte mir eist Frëndschaftsfëschchen och individuell ausdroen. Mir haten an der Woch schonn de Weier mat Reebouforelle besat an präventiv verschidden kléng Äscht vun der Birken zeréckgeschnidden. No der Auslousung huet de Jemp an de Patrick nach séier de Parcours préparéiert andeems dass Sie d'Plazen markéiert hunn wou d'Fëscher sollten fëschen, während deem d'Fëscher hir Staangen opgeriicht hunn an du konnt et och scho lass goen.





Obschonns d'Viraussetzungen optimal ware sinn des Kéier net vill Fësch gefaange ginn, ausser engem Fësch der genee déi richtig Taktik un den Dag geluecht hat sinn déi aner Fësch der nawell schlecht fir hiren Asaz belount ginn. Mee esou ass et ebe beim fëschen an et kann een net am Viraus soen ewéi d'Fësch drop sinn an dat ass och ganz gutt esou. Nodeems zwou Stonne gefëschet waren hu mir eis beim Yannik am Bistro afonnt fir zu Mëtteg ze iesse wou et traditioneller Weis Choucroute ginn ass Mëttes si mir dunn nach eng Kéier fir zwou Stonnen ugetrueden an och do waren d'Fësch ganz zéi esou dass eis Fësch der et ganz schwéier hatten an am grouse Ganzen net vill gefaange ginn ass ausser ee vun eise Fësch der den awer wierklech eraus gestach huet.







Nodeems eng leschte Kéier getut war hunn mir eis dunn zesumme gesat fir d Resultater ze verkënnegen. Natierlech ass dat ëmmer eng Häerzensugeleeënheet vun eisem President deen dat dann och mat Bravour gemeeschtert huet. Hei dann elo d'Schlussresultater vun eisem Frëndschaftsfëschchen.

Numm:	Unzuel vu Fesch:	Punkten:
1. Jemp Hoffmann	22	1 151
2. Alain Schaal	7	364
3. Marc Duton	4	207
4. Patrick Bertrand	4	206
5. Fränz Meis	3	154
6. Jemp Nicolas	2	103
6. André Jung	2	103
8. Marc Montalto	1	54

